

58,56 % Jo am Referendum: E grouse Merci un d'Leidelenger Wieler a Wielerinnen

D'Resultat ass kloer: 58,56 % vun de Leidelenger Wieler hu sech en Faveur vun engem Wiessel vun der Gemeng Leideleng vum Walbezierk Süden an de Walbezierk Zentrum ausgeschwat. Mir wëllen de Leidelenger Wieler dofir e grouse Merci soen. Obwuel en sech vun Ufank un mat Hänn a mat Féiss géint dëse Referendum gestrieft huet, huet de Leidelenger Schännerot ugekënnegt, dass hie bei der Inneministesch Taina Bofferdin (LSAP) nohake wäert, fir dass dem Resultat vum Referendum Rechnung gedroe gëtt.

Leideleng ass no Koplescht déi zweet Gemeng, déi sech fir esou e Wiessel ausschwätzt. Zu Koplescht haten 2017 63 % vun de Wieler mat Jo gestëmmt. Och wann zu Koplescht bis ewell nach näischt geschitt ass, stelle mer fest, dass d'Inneministesch nom Referendum gesot huet, si géif d'Resultat ganz eescht huelen. Dat huet sech bei hirem Virgänger Dan Kersch nom Kopleschter Referendum nach ganz anescht unhéieren. De Schännerot huet och matgedeelt, dass hien sech enger Reunioun mam Kopleschter Schännerot net verschléisst fir zesummen ze probéieren eppes an där Saach ze erreechen.

*„Et muss weider
iwwert eise Walsystem
diskutéiert ginn“*

Am Virfeld vum Referendum haten déi grouss Partei gesot, dass si e Bezierkswiessel vu Leideleng a Koplescht kritischesch gesinn. Wann, da misst dee ganze Walsystem op de Leescht geholl ginn. Op der Podiumsdiskussioun, déi mir eng Woch virum Referendum organiséiert haten, a wou nieft Leit aus der Zivilgesellschaft



Guy Folschette, Jean-Pierre Roemen, Lou Linster a Patrick Calmus beim Deposéiere vun de 464 Ënnerschrëften, déi zum Referendum gefouert hunn, op der Gemeng am Februar

och Verrieder vun deene 4 grouse Parteien deelgeholl hunn (ë.a. Charles Goerens & Franz Fayot), ass dunn och kloer ginn, firwat bis ewell nach näischt un eise Walsystem geännert huet. Jiddereen ass d'Accord, dass dësen net méi zäitgeméis ass, mee wéi dëse reforméiert gi soll, doriwwer ginn d'Meenunge wäit auserneen.

Déi eng schloe vir, fir d'éischt emol d'Unzuel un Deputéiert pro Bezierk un d'Unzuel u Wieler unzepassen, wat dozou féiere géif, dass den Zentrum 4 Deputéiert manner hätt. Anerer favoriséieren den Eenheitsbezierk mat

enger vun de Partei festgeluechte Reiefolleg, wéi eng Kandidaten an d'Chamber komme sollen („Listenplatz“). Schliisslech kéint och eng Mëschung tëscht nationalen a regionale Kandidaten eng Méiglechkeet sinn.

De Leidelenger Referendum wäert op op alle Fall eng Referenz an all deenen Diskussiounen ginn an ass en zousätzlechen Ustouss, fir dass sech enges Daags eppes ännert.

Lou Linster

Motioun virgeschloen, sech un der Campagne „Offall kann déidlech sinn – Gehei näischt an d'Natur“ vum Ëmweltministère ze bedeelegen an esou d'Leit drop ze sensibiliséieren hiren Offall korrekt ze Entsueren.

Konkret hu mer virgeschloen, Panneue vun der Campagne op de betroune Plazen opzestellen an, dass den neie Bannhider vun der Gemeng konsequent Protokoller verdeele soll, wann en eng Persoun beim illegalen Deponéieren vun Dreck erwëscht. No kuerzer Diskussioun ass dës Motioun unanime gestëmmt ginn.

De Schännerot an och mir sinn eis bewusst, dass dat de Problem net vun haut op muer léist, mee ewech kucken an näischt maachen ass keng Optioun. De Schutz vun Natur an Ëmwelt, souwéi d'Sécherheet vun de Kanner an den Déieren op de Spadséierweeër muss séchergestallt sinn.

E weidere Problem an deem Kontext ass dat illegaalt Ofluede vun Offall ronderëm de Recyclingszenter. Dofir hu mir besser ugepassten Ëffnungszäiten gefuerdert, déi de Leit et och erméiglechen hiren Offall korrekt ze entsueren. De Schännerot ass där Fuerderung nokomm, sou dass de Recyclingszenter säit Kuerzem 2 Stonne méi laang op ass Samschdes Moies, nämlech vun 9 bis 13 Auer.

De Volume vum net recycléierbaren Offall respektiv Sperrmüll muss erof goen. Dofir fuerdere mir, dass den Offall méi selektiv getrennt ka ginn an dofir och speziell Containeren am



WAT ASS NIEFT DEM REFERENDUM NACH GESCHAFFT GINN?



Léif Leidelenger Bierger a Biergerinnen,

Am Kader vun eiser Ënnerschrëften-Aktioun am Virfeld vum Referendum hunn eng Partie Leit sech gewonnen, firwat mir esou vill Zäit an Energie an dee Referendum stieche géifen, wou Leideleng dach nach eng ganz Partie aner Problemer huet wéi just de Walbezierk ze wiesselen.

Wéi schonns leschte Summer informéiert Zesumme fir Leideleng (ZfL) dofir d'Leidelenger Bierger an dëser Newsletter iwwert eng Partie aner Themen fir déi mir eis agesat hunn an déi vläicht manner bekannt si wéi de Referendum.

Säit dem leschte Summer hunn eis Conseillere net manner wéi 9 Motiounen am Gemengerot lancéiert an 21 schrëftlech Froen un de Schännerot gestallt. Eng dovunner betrëfft d'Rue Pessendall, wou e Bierger eis drop ugeschwat huet, dass d'Gemeng säit 2015 versprach hätt, dës Strooss nei ze maachen, well ë.a. d'Drénkwaasser reegelméisseg brong ass. Dës Chantier ass no eiser Interventioun glécklecherweis no vir gezu ginn a soll am nächste Budget stoen.

Am Numm vun der ganzer Equipe vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech iech an ärer Famill eng schéin an erhuelen Summervakanz.

Lou Linster
Gemengeconseiller

Recyclingszenter zur Verfügung gestallt ginn. Och soll et méiglech sinn „Problemstoffer“ wéi z.B. alen Ueleg, Frittefett oder Faarf do ze entsueren. Sollt et net méiglech sinn de Recyclingszenter op der aktueller Plaz auszubauen, soll no enger aner Plaz an eiser Gemeng gesicht ginn, wou esou en Ausbau realiséiert kéint ginn.

Patrick Calmus

Leideleng wëll an Zukunft méi streng géint Dreck an der Natur virgoen

#GeheiNäischtAnDNatur



Leider stelle mer ëmmer nees op en neits fest, dass op verschiddene Plazen an der Gemeng reegelméisseg Offall illegal entsuergt gëtt, sief et beim Feldwee Brommesheck, am Berkebëschen oder och nach ronderëm de Recyclingcenter.

Ëmmer nees huet ZfL dës am Gemengerot thematiséiert an eng Rei schrëftlech Froen dozou gestallt.

Am Mee hu mer dem Schännerot dunn an enger

Neie Member an eiser Ekipp: Nathalie Entringer



Hei huet hatt sech séier wuelgefillt a wëll, genau wéi hatt dat schonn zu Wien gemaach huet, aktiv um Liewen an der Noperschaft deelhuelen an sech un der Gestaltung vun der Zukunft vun der Uertschaft bedeelegen. Zu Wien huet hatt an engem Quartier gewunnt, deen zënter 2010 um entstoen ass. An deem gouf a gëtt Biergerbedeelegung groussgeschriwwen an et konnt a kann ee live dobäi nokucken, wéi ee liewenswäerte Staddeel entsteet, an deem jidderee souwuel bannent wéi och baussent de Gebaier op seng Käschte kënnt.

Opgrond vun dëser flotter Erfahrung leien him Theme wéi Wunn- a Stadplanung souwéi Mobilitéit awer och Fräizäit an Ëmwelt um Häerz. D’Nathalie freet sech dowéinst och direkt d’Chance kritt ze hunn, sech an der Sport- a Fräizäitkommissioun ze engagéieren an hofft iwwert dës Wee och nach vill nei Kontakter knäppen ze kënnen.

A senger Fräizäit mécht hatt gäre Sport a verbréngt Zäit mat Famill a Frënn. Ausserdem interesséiert hatt sech immens fir Fussball, Basket an natierlech Sproochen.

Nathalie Entringer
26 Joer, Sproochwëssenschaftlerin

Nodeems d’Nathalie Entringer vun 2012 bis 2017 zu Wien gewunnt a studéiert huet, huet hatt ugangs 2018 ugefaangen, als Doktorandin am Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft (Universitéit Lëtzebuerg) ze schaffen. Ugangs 2019 ass déi gebierteg Mislerin zesumme mat hirem laangjäregem Partner, dem Paul Millim, op Leideleng geplënnert.

Wou si mer mam neie Seniorenheim drun?



Schonns wäit iwwer 10 Joer beméit sech de Leidelenger Gemengerot drëms fir e Seniorenheim zu Leideleng ze realiséieren, méi genee um Geierbiereg. D’Konventioun mat der Foncière Roy René fir de Bau an d’Bedreiwe vum Seniorenheim gouf de 25. September 2017 ënnerschriwwen. Am Juni 2018 huet de Gemengerot dem Akt vum Notaire, an deem d’Gemeng dem Promoteur den „Droit de superficie“ vum Terrain um Geierbiereg gëtt, unanime gestëmmt. Zënterhier ass et

roueg ginn. Op eis Nofro hin huet de Schäfferot matgedeelt, dass de Promoteur am Hierscht de PAP (Plan d’aménagement particulier) deposéiere soll. D’Prozedur fir de PAP ze geneemege wäert ronn ee Joer daueren. Et kann een deemno domadder rechnen, dass Ugangs 2021 mam Bau vum Seniorenheim ugefaange gëtt. Dës wäert 2 bis 3 Joer daueren.

Marcel Jakobs

Den neien Agent municipal / Bannhiddler trëtt geschwënn seng nei Tâche un

All Dag komme bei eis an d’Gemeng iwwer 6.000 Leit schaffen, wat der duebel souvill sinn, wéi Leideleng Awunner huet. Well net all Betrib genuch Parkplaze fir all seng Employéëen huet, sinn an de leschte Jore kreativ nei „Parkmodeller“ entstanden, haaptsächlech laanscht de Feldwee Brommesheck oder beim Kierfecht.

An de leschte Méint ass zesumme mat der Verkéierskommissioun en neit Verkéiersreglement ausgeschafft ginn, wat Enn des Joers a Kraaft triede wäert. Konkret bedeit dat, dass een iwwerall an der Gemeng, ausser um Schléiwenhaff an zu Leideleng-Gare, en Disque stelle muss an ee maximal 4 Stonnen op enger Plaz stoe bleiwen dierf. Dëst gëllt natierlech net fir d’Leidelenger Bierger, déi pro Haushalt 2 gratis Vignette kréie wäerten (an sech och nach eng 3. kafe kënnen).

Mir sinn der Meenung, dass et héich Zäit ginn ass, dass Leideleng e Verkéiersreglement kritt a si frou eng Rei vun eisen Iddien an deem Reglement erëmfannen. Mir mengen awer, dass 4 Stonnen Disque zevill sinn, well een deen an der Mëttesstonn kann dréine goen. Wa mer d’Leit, déi hei schaffen, wëllen op den ëffentlechen Transport kréien, da brauche mer eng méi restriktiv Parkplazpolitik.

Am August wäert och den neien Agent municipal / Bannhiddler säin Déngscht untrieden. Schonns am Abrëll 2018 hate mir eis dofir agesat, dass dësen Agent municipal och d’Ernennung vum Bannhiddler kritt, wouduerch hien eng ganz Rei weider Kompetenzen huet, wéi z.B. fir d’Anhale vun der Nuetsrou kënnen ze suergen.

Patrick Calmus




Foto: Shutterstock.com

Recette vun 22,11 Mio. € an Depensé vu 26,43 Mio. €: Dat sinn d’Eckdate vum Budget 2019 vun der Gemeng Leideleng. D’Differenz gëtt iwwert déi finanziell Reserve vun der Gemeng finanziert.

Allerdéngs war eis opgefall, datt laut „Tableau des emprunts“ 2018 ronn 1,4 Mio. € Schold zeréckbezuelt goufen, am Budget awer nëmmen 850.000 € dofir virgesi waren. Obwuel mer am Virfeld schonns schrëftlech nogefrot haten, wat et mat där Differenz op sech hätt, wousst de Schäfferot net wat äntweren.

3 Deeg drop kouw dunn d’Noriicht, dass tatsächlech ronn 500.000 € vergiess gi waren an de geplangte Prêt einfach vun 3 op 3,5 Mio. € géif gehéicht ginn. Eent nom aneren haten d’Vertrieder vun der Majoritéit de Budget gelueft, mee et dierf een sech d’Fro stellen, wéi genau se dës gelies haten.

Zeréck zum Contenu vum Budget: Ëm 40 % sinn d’Ausgabe geklommen. Ganz héich Depensen deemno, mee och mir als Oppositioun sinn der Meenung, datt de Bau vun der neier Maison Relais



Lou Linster
Budget 2019: Iwwer 500.000€ waren einfach vergiess ginn
#PolitikDéiRechneKann

an d’Erneierung vun den Ofwaasser-Kanäl am Zentrum vu Leideleng wichteg Investissementen an d’Zukunft vun eiser Gemeng sinn.

„Mir maache keng Oppositioun nëmme fir Oppositioun ze maachen“

Och sinn eng ganz Partie vun eise Fuerderungen am Budget zeréckbehalen ginn. Sou z.B. 150.000 € fir de Ruffbus, 260.000 € fir de Vel’oh oder awer 3 Mio. € fir nei Terrainen ze kafen.

Well dunn och nach 2 vun eise 4 Amendementen ugeholl gi waren, hu mer eis decidéiert de Budget matzestëmmen an hoffen, dass de Schäfferot déi eenzel Projeten elo och ëmsetzt. Mir maache keng Oppositioun nëmme fir Oppositioun ze maachen.

Just de Punkt „Frais de marketing et de publicité“ an Héicht vun 281.500 €, mat deenen ë.a. den neie Logo finanziert gëtt, hu mer net matgedroen, well dëst fir eis kee responsablen Ëmgang mat Steiergelder ass.



Jean-Pierre Roemen
Gratis Wifi op ëffentleche Plazen
an eiser Gemeng ubidden
#MengGemengOpHighspeed

Hautdesdaags ass et alles aneres wéi einfach, zu Lëtzebuerg bezuelbare Wunnraum ze fannen. Dëst stellt virun allem jonk Leit virun eng grouss Erausfuerderung. Nodeems si hir Ausbildung respektiv hiert Studium ofgeschloss hunn, verfügen si seelen iwwert déi néideg finanziell Mëttel, fir sech hiert eegent Doheem leeschten (Vente oder Locatioun) an deemno endlech de Schrëtt an d’Autonomie woen ze kënnen.

Aus dësem Grond huet ZfL an der Gemengerotssëtzung vum 12. November d’Motioun virbruecht, nom Virbild vum der Gemeng Monnerech, an der sougenannter “Maison Steichen” (1a, rue de Cessange) eng Rei Jugendwunnengen ze schafen. Dëst Haus huet d’Gemeng rezent fir ronn 1,2 Mio. € kaf.

D’Grondiddi vum Jugendwunne besteet doran, jonke Leit tëscht 18 an 30, déi keng Méiglechkeet hunn sech eng Wunneng um normale Marché leeschten ze kënnen, bei hirem Start an d’Onofhängegkeet ënnert d’Äerm ze gräifen. Bei dëse Jugendwunnengen handelt et sech an der Reegel ëm kleng miwweléiert Studioe mat engem finanzéierbare Loyer, woubäi beim Konzept am Allgemengen awer och d’Communautéit eng wichteg Roll spillt. Och ass d’Period wou een an esou enger Wunneng wunne kann zäitlech begrenzt. Et soll eng Starthëllef sinn.

Nieft de Studioe sollen nämlech och Raimlechkeeten integréiert ginn, déi d’Bewunner*inne gemeinsam notze kënnen. Soumat huet d’Jugendwunnen net nëmmen de Virdeel, dass deene jonken Erwuessenen de Schrëtt zum eegene Wunnraum erliichtert gëtt, mee et schafft een och dem Gefill vum Elengsinn, vun deem Singlestéit dacks beträff sinn, entgéint.

Leideleng bitt sech fir d’Ëmsetzung vun dësem innovative Konzept un. Ëmmerhin ass d’Uertschaft zentral geleeën a gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen.

Dës weideren hätt d’Gemeng domat d’Méiglechkeet een éischte Projet am Beräich vum soziale Wunnengsbau ëmzesetzen – een Terrain

op deem all Gemeng Verantwortung iwwerhuele sollt. Bis ewell gëtt et zu Leideleng keng eenzeg Sozialwunneng (logement à coût modéré).

Mir begrëissen et, dass de Schäfferot d’Iddi vum Jugendwunnen an enger éischer Reaktioun ganz positiv opgehol huet. D’Maison Steichen soll reamenagéiert ginn fir Leidelenger Veräiner weider Raimlechkeeten ze ginn (well de Kultur- a Veräinsbau de Moment aus alle Néit platzt) a gläichzäiteg sollen och zwou Jugendwunnengen entstoen.

Et ass eng gutt Saach, dass d’Gemeng d’Konzept vum Jugendwunnen ëmsetze wëll, allerdéngs ginn zwou Wunnengen natierlech bei Wäitem net duer. Gëtt den Usaz mat der Annexe wierklech a Betruecht gezunn, sollt de verfügbare Raum et sécherlech erméigleche 4-5 Studioen ze amenagéieren. Dës Weidere bleift beim Ëmsetze vun nëmmen zwou Wunnengen d’Iddi vum gemeinschaftleche Liewen, deen inhärent fir dëst Konzept ass, komplett op der Streck.



Illegal Autoscourssen Am Bann:
D’Police huet reagéiert

Foto: Shutterstock.com

„WIFI4EU“ heescht e Programm vun der Europäescher Unioun, deen als Zil huet, dass méi Gemengen an der EU op ëffentleche Plaze respektiv Gebaier gratis WIFI ubidden. All europäesch Gemeng kann hei onbürokratesch un engem Tirage au sort deelhuele fir e Subside vu 15.000 Euro vun der EU ze kréie fir esou e System ze installéieren. Ronn 10.000 Gemenge solle vun deem Subside profitéieren.

Zesumme mat der HotCity S.A. huet Zesumme fir Leideleng e Konzept ausgeschafft, fir WiFi-Antennen op ëffentleche Plazen an eiser Gemeng opzestellen, wéi z.B. am neien Duerfkär oder op der Schwengswee. Fir ronn 25.000 € kéint dëst realiséiert ginn. Dobäi kommen nach 780 € Fraise pro Mount fir d’Internetabonnement an d’Maintenance.

Och d’Aspekter vun der Gesondheet an der Sécherheet vun dësem System sinn thematiséiert ginn. Do donieft hätt d’Gemeng eng ganz Rëtsch Méiglechkeeten, fir ze decidéiere wéi accessibel dëse Reseau soll sinn. Sou kann een z.B. astellen, dass just Awunner dëse Reseau notzen dierfen oder awer Säite mat pornographeschem Material spären, fir d’Kanner ze schützen. Lëtzebuergesch Gemengen, déi dëse System bis ewell agefouert hunn, hu keng esou Restriktiounen en place gesat.

Leider hat de Schäfferot decidéiert, net vun där Offer vun der EU ze profitéieren an sech net fir den Tirage au sort ze mellen. D’Gemeng Bartreng z.B. huet dëst gemaach a krut de Subside. De Schäfferot huet betount, dass een dat eréischt zesumme mat der Neigestaltung vum Duerfkär well realiséieren an d’Gemeng de Moment keng personell Kapassitéite méi fräi hätt, fir nach weider Projeten ëmzesetzen. An eisen Aen ass hei leider eng gutt Geleeënheet verpasst ginn, d’Liewe fir eis Bierger ze verbessern.



En neie
Spadséierwee fir
de Schléiwenhaff

Vill Leit gi vum Schléiwenhaff aus zu Fouss iwwert d’Rue de la Vallée (C.R. 178), fir op de Bowenterwee kënne spadséieren ze goen. Dëse Wee ass geféierlech, well et weder en Trottoir nach e Véloswee do gëtt an d’Leit doduerch mussen op der Strooss trëppelen. Dofir ass et wichteg, dass op där Streck eng Verbindung realiséiert gëtt, fir dass d’Leit sécher do trëppele kënnen a fir nach méi Leit dozou ze bréngen, de schéine Bowenterwee ze notzen.

An enger Motioun huet ZfL de Schäfferot opgefuerdert, fir eng Etüd ze maachen, fir d’Machbarkeet vun esou enger Verbindung ze préiwen. De Schäfferot huet betount, dass een en Faveur vun esou enger Verbindung ass an de Moment un deem Dossier geschafft gëtt, een déi néideg Terrainen awer nach net krëtt huet. Eis Motioun gouf dofir och eestëmmeg ugeholl.

Jean-Pierre Roemen



Nathalie Entringer
Jugendwunnen: En innovatiivt
Konzept fir der Wunnengsnout
entgéint ze wierken
#ÄddiHotelMamma

Reegelméisseg treffen sech bei den Tankstellen Am Bann Amateurs vun der Tuning-Szen mat hire Boliden, dëst virun allem Freides a Samschdes Oues. Well doriwwer eraus oft illegal Coursen do organiséiert ginn, gëtt net nëmmen d’Nuetsrou gestéiert, mee dëst stellt och eng Gefor fir eis Bierger duer.

Ëmmer nees huet de Schäfferot betount, dass ee mat der Police a Kontakt wier, et awer ganz schwierig wier eppes ze maache, well déi Szen gutt organiséiert wier an d’Police ëmmer am Aen hätt. ZfL huet virgeschloen, dass dës déi eenzel Autoen op hier Konformitéit iwwerpréiwe soll a suspekt Autoen an de Contrôle technique schécke soll. De 5. Abrëll huet d’Police dunn eng „Action Coup de poing“ lancéiert a 6 Autoe goufen an de Contrôle technique geschéckt. Mir begrëissen dës Aktioun vun der Police an hoffen, dass esou Kontrollen esou laang reegelméisseg duerghefouert ginn, bis keng esou Course méi Am Bann statt fannen.



No 16 Joer kommen d'Aarbechten um neie Leidelenger PAG endlech op en Enn

Marcel Jakobs

Foto: pag.vdl.lu

Nodeems den Delai fir den neie PAG säit 2014 5 Mol verlängert ginn ass, huet d'Inneministesch Taina Bofferding kloergestallt, dass d'Frist vum 1. November 2019, fir den neie PAG an d'Prozedur anzereechen, net méi géif verlängert ginn. Wann alles riicht leeft wäert d'Gemeng Leideleng dës Frist anhalen.

An enger Rei Aarbechtssätzunge konnten de Gemengerot an d'Bautekommissioun dem Schäfferot Ännerungsvirschléi maache fir den neie PAG. Och d'Reklamatiounen, déi d'Leit am Abrëll areeche konnte, sinn zesummen diskutéiert ginn. Den 10. September soll den neie PAG eng éischte Kéier am Gemengerot gestëmmt ginn. Duerno leeft d'Genehmegungsprozedur un an d'Leit hunn ee Mount Zäit, fir eng zweete Kéier hir Reklamatiounen anzereechen. Déi ganz Prozedur dauert ronn ee Joer.

Mir sinn der Meenung, dass Leideleng an deenen nächste Jore moderat wuesse soll a muss. Ouni Wuesstem kënnen eist Veräins- an Duerfliewen an awer och eis Wirtschaft an eis Restaurants am Duerf net iwwerliewen. Och aus finanzielle Grënn ass et wichteg, dass eis Gemeng wësst, well d'Subside vum Staat, an domadder eis wichtegst Recetten, sech haaptsächlech iwwert d'Awunnerzuel berechnen an d'Depensé konstant klammen. An deene leschte Joren ass Leideleng nëmme ganz lues gewuess an 2017 ass eis Bevëlkerung souguer zeréckgaangen. De PAG ass dat wichtegst Instrument fir dës Wuesstem ze steieren.

Eng Partie vun eisen Doleancë schéngen och berücksichtegt ze ginn. Sou huet z.B. den éischten Entwurf vum PAG virgesinn, keng Maisons Bifamiliales méi ze erlaben. Dës sollten duerch Trifamiliales ersat ginn. Vu datt do awer mindestens

6 Parkplaze virgesi gi mussen, hätt dat op ville Plaze geheescht, dass just en Eefamilljenhaus an net méi ka gebaut ginn. Och hu mir eis dofir agesat, dass d'Mindestgréisst vun Appartementer an enger Residence vu 65 m2 op ënner 60 m2 an der Moyenne erofgesat gëtt, well soss kaum nach e Studio zu Leideleng gebaut gi wier.

Den éischten Entwurf vum PAG huet virgesinn, dass an enger ganzer Partie ale Leidelenger Quartiere mat niddreger Densitéit och weiderhi maximal just 2 Stäck kéinte gebaut ginn, während an neie Quartieren, wéi z.B. dem Domaine Eelchesgewaan, 2,7 Stäck héich gebaut dierf ginn (0,7 steet fir e Retrait vu 70% um leschte Stäck). Esou wieren déi al Leidelenger Awunner gestrooft ginn, well hiren Terrain doduerch manner wäert gewiescht wier. Den aktuellen Entwurf gesäit vir, dass iwwerall op mannst 2,7 Stäck dierfe gebaut

ginn.

Manner Verkéier erreeche mer just mat engem radikalen Ëmdenken. Dofir schloe mer vir, iwwert en autofräie Quartier op der Place du Lavoir nozedenken, wou der Gemeng jo eng Partie Terrain gehéieren. Och fuerdere mir, dass nei Betriber vill manner Parkplaze geneemegt kréie wéi bis ewell. Wa mer wëllen, dass d'Leit déi hei schaffe mam ëffentlechen Transport kommen, da kënnen mer se just zum Ëmdenke beweegen, wann se keng eege Parkplaz hei hunn. Esou dierf een de Moment zu Leideleng eng Parkplaz pro 45 m2 Bürosfläch hunn, an der Stad par contre just eng pro 175 m2 Bürosfläch.

Wann den neie PAG bis en Vigueur ass, heescht dat awer net, dass dës Aarbecht ofgeschloss ass, well e kontinuéierlech muss ugepasst ginn. Nom PAG ass virum PAG.



Dossier Ënnerféierung Um Schass

Mir däerfen net waarde bis et ze spéit ass

Am Januar 2018 huet de Gemengerot eng Motioun vun ZfL eestëmmege ugeholl, an där de Schäfferot gefrot gëtt, den Dossier „Ënnerféierung Um Schass“, also d'Verbindung tëscht dem

Schléiwenhaff an der Rue des Celtes zu Märel, ze suivéieren an de Gemengerot iwwert nei Entwécklungen an deem Dossier ze informéieren.

Am März huet d'CFL matgedeelt, dass d'Enteegnungsprozedur, déi 2011 lancéiert gi war, konnt ofgeschloss ginn an d'Ënnerféierung Um Schass 2020 géif gebaut ginn. Am Mee huet de Stater Schäfferot dem Stater Gemengerot op Nofro hi gesot, dass hie beim Infrastrukturminister François Bausch intervenéiere wäert, fir ze verhënnere, dass dës Ënnerféierung jee wäert realiséiert respektiv net fir de motoriséierte Verkéier zougänglech wäert ginn. Och huet den Deputéierte Carlo Back (Déi Gréng) eng Question parlementaire un den Infrastrukturminister gestallt, fir ze froe wéi et an deem Dossier weidergeet.

Mir fuerderen, dass des Ënnerféierung esou wéi vun der CFL geplangt och realiséiert gëtt. D'Leidelenger Leit kréien doduerch eng weider Verbindung an d'Stad an de Quartier Zéisseng esou

wéi och d'Bouillons-Strooss, wou all Moies vill Stau ass, géifen entlaascht. Och géif doduerch ee méi direkte Vëloswee geschaf ginn, deen op där Streck batter néideg ass.

Dofir hu mir an der Gemengerotssëtzung vum Juni de Schäfferot nach eemol opgefuerdert, eng Entrevue beim Infrastrukturminister Bausch ze froen an sech dofir anzesetzen, dass dës Ënnerféierung gebaut a fir de motoriséierte Verkéier accessibel gëtt. Et dierf een net waarde bis d'Decisioun geholl ass, dass d'Streck zou bleift. De Schäfferot gesäit dat anescht a fäert, et géif een zousätzleche Verkéier op Leideleng unzéien, wann een déi Streck nees géif opmaachen.

Jean-Pierre Roemen

Är Verrieder am Leidelenger Gemengerot

Marcel Jakobs
64 Joer,
Staatsbeamten a.P.
marcel.jakobs@leudelange.lu

Patrick Calmus
51 Joer, Enseignant am
Secondaire
patrick.calmus@leudelange.lu

Jean-Pierre Roemen
22 Joer, Droitsstudent
jean-pierre.roemen@leudelange.lu

Lou Linster
27 Joer, Ingénieur-conseil
lou.linster@leudelange.lu

Zesumme fir Leideleng
www.zesummefirleideleng.lu